EIS GEMENG

Magazine d'information
de la Ville de Rumelange

Elo am neie Format

Maintenant dans un nouveau format

N° 1
03/2025

Sous la responsabilité du Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange.

STAD RËMELENG

EDITO

Virwuert vum Buergermeeschter

LU | Léif Matbiergerinnen! Léif Matbierger

Fir lech méi séier an aktuell ze informéieren, hu mir decidéiert, „Eis Gemeng“ an enger méi kompakter Versioun erauszebréngen – net méi nëmmen 2–3 Mol d'Joer, mee elo 6 Mol. Dëst erlaabt eis, lech méi zäitno iwwer d'Entwécklungen an d'Evenementer an eiser Stad um Lafenden ze halen.

Eis Prioritéit bleift et, d'Liewensqualitéit an eiser Stad ze verbesseren, d'Zesummeliewe vun de Generatiounen ze stäerken an nohalteg Léisungen ze fannen. Mir stinn als Gemeinschaft virun neien Erausfuerderungen, sief et am Beräich vun der Mobilitéit, dem Ëmweltschutz oder der stättescher Entwécklung. Dës Theme beschäftegen eis am Gemengerot Dag fir Dag, well mir eng Zukunft schafe wëllen, vun där all Bierger:in profitéiert. D'Entwécklung vun eiser Stad geet nëmmen Hand an Hand mat lech virun. Är Iddien, Äert Engagement an Äre Bléck op d'Zukunft sinn entscheedend. Zesumme kënne mir Rëmeleng nach méi dynamesch, nohalteg a liewenswäert gestalten.

Ech wënschen lech dann elo vill Spaass bei der éischter Editioun vun eiser neier „Eis Gemeng“.

Mat beschte Gréiss,
Henri Haine | Buergermeeschter

FR | Chères concitoyennes ! Chers concitoyens !

Afin de vous informer plus rapidement et de manière plus actuelle, nous avons décidé de publier « Eis Gemeng » dans une version plus compacte – non plus 2 à 3 fois par an, mais désormais 6 fois. Cela nous permet de vous tenir informé·e·s en temps réel sur les évolutions et événements de notre ville.

Notre priorité reste d'améliorer la qualité de vie à Rumelange, de renforcer le vivre-ensemble entre générations et de trouver des solutions durables. En tant que communauté, nous devons relever de nouveaux défis, qu'il s'agisse de la mobilité, de la protection de l'environnement ou du développement urbain. Ces sujets nous occupent quotidiennement au sein du conseil communal, car nous voulons construire un avenir dont chaque citoyen·ne pourra bénéficier. Le développement de notre ville ne peut se faire qu'avec vous. Vos idées, votre engagement et votre regard sur l'avenir sont essentiels. Ensemble, nous pouvons rendre Rumelange encore plus dynamique, durable et agréable à vivre.

Je vous souhaite à présent une bonne lecture de cette première édition de notre nouvelle version de « Eis Gemeng ».

Avec mes meilleures salutations,
Henri Haine | Bourgmestre

Éditeur
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange
2 place G.-D. Charlotte | L–3710 Rumelange

Tél. : +352 56 31 21 – 1 | www.rumelange.lu
secretariat@rumelange.lu | Stad Rëmeleng
Comité de rédaction : Service de la Culture et des Sports

Imprimeur
Imprimerie Reka
Imprimé sur du papier 100 % recyclé.

© Photos
Service de la Culture
et des Sports

Layout & illustrations
101

Klima-Bündnis Lëtzebuerg
NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech
PacteClimat | European Energy Award Ma commune s'engage pour le climat

EVENTS

Wat war lass an eiser Gemeng?

BIKE & BREAKFAST
15.09.2024

De 15. September, kuerz virun der Schoul-Rentrée, ass zu Rëmeleng nees Vëlo gefuer ginn. D'Sportskommissioun huet hei mueres ee Fairtrade-Früstück ugebueden, mat uschléissendem Vëlostour an engem Floumaart op der Place G.-D. Charlotte.

WANTERGRILLEN
19.11.2024

Am Kader vum internationale Männerdag organiséiert d'Stad Rëmeleng an d'Chancëgläichheets-Kommissioun all Joer ee Wantergrillen am ale Schluechthaus. Nodeems et da wéinst dem Wieder net méiglech war alles am Haff vum Schluechthaus ze maachen, hu mir alles am Schluechthaus selwer opgeriicht. Réckbléckend kann ee soen, dass och déi Editioun ee grousse Succès war.

DAG VUM BAM
30.11.2024

Den 30. November 2024 ass hei zu Rëmeleng am Parc-Municipal beim Beach-Volleyball-Terrain nees ee Bam geplanzt ginn an zwar fir alleguerten déi Kanner déi 2023 gebuer sinn. D'Eltere ginn hei perséinlech vun der Stad Rëmeleng invitéiert fir bei dëser Zeremonie dobäi ze sinn. Bei de Bam kënnt dann eng Plaquette wou alleguerten d'Nimm vun de Kanner drop stinn.

BOARBELENDAG
04.12.2024

De 4. Dezember ass synonym mat engem Feierdag zu Rëmeleng, grad ewéi an der ganzer Minett Regioun. Boarbelendag soll un eis regional Vergaangenheet an d'Aarbecht an der Minn erënneren. D'Kanouneschëss, déi eng Sprengung aus der Minn sollen imitéieren, begleeden ob dësem Dag den offizielle Cortège, deen an der Galerie vum Musée National des Mines fir eng Mass stoe bleift, ier d'Feierlechkeete mat engem lessen ofgeschloss ginn. D'Traditioun vun dësem Dag ass zënter méi wéi engem Joerhonnert mat der Regioun verbonnen, wëssend dass déi éischt schréftlech Quell vun esou engem Event aus dem Joer 1886 staamt. Fir d'Joer 2024 huet d'Stad Rëmeleng dann zesumme mam Michel Feinen een Design erstallt deen a Form vu Fändelen uechtert Rëmeleng opgehaange gouf.

CHRËSCHTMOART
06.12.2024

Am Dezember 2024 war dann och nees eise Chrëschtmoart hei zu Rëmeleng. De 6. Dezember 2024 war déi offiziell Ouverture vum Moart, wou dann och de Kleesche mam Houseker op Besuch war. Deemno war de Moart bis Sonndeg den 8. Dezember inclus, mat verschiddene Stänn fir z'iessen, ze drénken, ze shoppen an och eng ganz Rei Museker hate mer op der Plaz. Esou zum Beispill One Soul Journey, d'Jennifer Waack, The GreyTress, Christman Blue Night, d'TASCHA an den DJ Tun.

LAUREATEFEIER
10.01.2025

Le 10 janvier, nous avons célébré à Rumelange notre fête des lauréats. Des personnes issues des domaines culturel et sportif ont été honorées pour leurs performances. De plus, le club de gymnastique de Rumelange, « Étoile Rumelange », était présent pour assurer l'encadrement sportif, tandis que la partie musicale était assurée par John Rech, Christof Brill et Remo Cavallini. La Ville de Rumelange tient à remercier une fois de plus toutes les personnes présentes et adresse à nouveau ses félicitations à nos lauréats 2025.

PROJETS

Realiséiert Projeten

Nodeems d'Altersheim an der Nic-Pletschette Strooss ofgerappt gouf, si verschidden Deeler vun der Fassad gehale gi fir se ze restauréieren a beim Spektrum auszestellen. Vue dass de fréiere Rëmelenger Kënschtler Albert Hames déi Relieffen 1957 erstallt huet, ass et evident, dass esou ee Konschtwierk gehale an net wäit vum Hames-Haus opgeriicht gëtt.

Am Schoulhaff vun der Schoul Sauerwisen, ass och een neie „Sol coulé“ fäerdeg gestallt ginn.

Bei der Maison Relais gouf dann och den Haff hannenaus nei gemaach. Een neie „Sol coulé“ gouf do nämlech Enn 2024 fäerdeg gestallt.

D'Trap an der rue Haute gouf frësch gemaach.

Zum Schluss vum leschte Joer, gouf d'Fassad vun der Spillschoul nei gemaach.

UN NOUVEAU POINT DE RENCONTRE DANS LA COUR DE L'ÉCOLE GRÂCE À UN EFFORT CRÉATIF

En collaboration avec le CIGL, nous avons récemment construit un podium dans la cour de l'école. Ce projet a été réalisé en réponse à un arbre dont les racines avaient soulevé le macadam, créant ainsi un danger potentiel. Grâce à notre solution créative, ce problème a été résolu en toute sécurité.

Les élèves peuvent maintenant profiter d'un grand et bel espace de repos sous leur arbre préféré. Le podium a été entièrement construit en bois de douglas, fourni par le forestier, reconnu pour sa résistance aux intempéries. Nous sommes particulièrement fiers que ce bois provienne de notre région, le Minett.

Grâce à ce projet, non seulement une zone dangereuse a été éliminée, mais un nouveau point de rencontre attrayant a également été créé pour la communauté scolaire.

AGENDA

Mäerz / Mars 2025



QUIZ-ME
22.03.2025
Freideg/Vendredi
Centre Culturel

SELF-DEFENSE FIR MÄNNER
29.03.2025
Samschdeg/Samedi
Multisall Sauerwisen

Abrëll / Avril 2025

MARCHÉ MENSUEL
04.04.2025
Freideg/Vendredi
Place G.-D. Charlotte

DAVID GOLDRAKE 25 YEARS OF MAGIC
05.04.2025
Samschdeg/Samedi
Centre Culturel



GROUSS BOTZ
05.04.2025
Samschdeg/Samedi
Rumelange

LIESDAG & BICHERVERKAF
25.04.2025
Freideg/Vendredi
Sauerwisen

MARCHE GOURMANDE VUM CLUBHAUS AN DE SAUERWISEN
26.04.2025
Samschdeg/Samedi
Clubhaus an de Sauerwisen

All d'Informatiounen zu den Eventer am Rumelagenda fannt Dir ëmmer op eiser Websäit: *www.rumelange.lu/tous-les-evenements*

HOMMAGE JEANNOT KAYL

LU | Léif Matbiergerinnen! Léif Matbierger!

D'Stad Rëmeleng erweist haut engem besonnesche Mënsch eng verdéngten Éier – dem Jeannot Kayl. Säin Asaz, seng Éierlechkeet a seng Léift fir eis Stad hunn hien zu engem beléifte Mënsch gemaach, deen an eiser kollektiver Erënnerung wäert bestoe bleiwen. De Jeannot war all déi Joren immens engagéiert: Member a verschiddene Kommissiounen a Gemengesyndikater, Präsident vun der lokaler UGDA-Musekschoulkommissioun, Member vum Office Social oder nach Assesseur am Walbüro. Hie war och a sëllegen ASBLen aktiv a Sonndes ass et du meeschtens mat de Kolleegen op de Fussball gaang an dunn nach op e Patt an d'Heim.

Hie war e Parteismënsch an ëmmer fir d'LSAP do, wann e gebraucht ginn ass. Iwwerall huet e gehollef, bis zulescht war en ëmmer dobäi. 50 Joer war de Jeannot Member an der LSAP. Mat senger Partei ass hien 1999 fir d'éischte Kéier mat an d'Wale gaangen. Vun 2005 bis 2011 war de Jeannot Member vum Gemengerot. Hien hat dunn 2011 säi bescht Resultat gemaach, mee huet et leider net méi an de Gemengerot gepackt. 1969, ass hien dem LAV, dem heitegen OGBL, bäigetrueden. En huet an der Gewerkschaft ëmmer matgeschafft. An all deene Joren hat hie sëllege Funktiounen a verschiddene Sektiounen, sief et vu Beetebuerg, Rëmeleng oder méi spéit vum Kayldall. Laang Zäit war de Jeannot och am Nationalvirstand vum OGBL.

Eng aner grouss Passioun vum Jeannot war d'Musek, schliisslech war hien iwwer 60 Joer an der Harmonie municipale aktiv. Doduerch huet hien och seng Fra d'Liette kennegeléiert, mat deem hien 1986 zu Beetebuerg bestuet ginn ass an dunn säit 1996 erëm zu Rëmeleng gewunnt huet. Vakanzen un d'Belsch Côte an an Italien oder an de Schwarzwald mat Frënn oder mam Foyer stoungen oft um Programm. Am Schwarzwald am Hotel „Röβle", dat war dem Jeannot seng zweet Heemecht sot en. Et ass och do, wou de Jeannot eis esou onerwaart de 27. Dezember 2024 am Alter vun 71 Joer verlooss huet.

Heimadden wëll d'Stad Rëmeleng un de Jeannot Kayl gedenken.

FR | Chères concitoyennes ! Chers concitoyens !

La ville de Rumelange rend aujourd'hui un hommage mérité à une personne exceptionnelle – Jeannot Kayl. Son engagement, son honnêteté et son amour pour notre ville ont fait de lui une personne appréciée, et son souvenir restera gravé dans notre mémoire collective. Pendant toutes ces années, Jeannot s'est énormément investi : membre de diverses commissions et syndicats communaux, président de la commission locale de l'école de musique UGDA, membre de l'Office social ou encore assesseur au bureau de vote. Il était aussi actif dans de nombreuses associations et, le dimanche, il allait souvent au football avec ses amis avant de partager un verre au Heim.

Il était un homme de parti et toujours présent pour le LSAP dès qu'il y avait besoin d'hommes. Il a aidé partout où il le pouvait et est resté impliqué jusqu'au bout. Jeannot a été membre du LSAP pendant 50 ans. En 1999, il s'est présenté aux élections pour la première fois avec son parti. De 2005 à 2011, il a été membre du conseil communal. En 2011, il a obtenu son meilleur résultat, mais malheureusement, il n'a pas pu siéger au conseil. En 1969, il a rejoint le LAV, aujourd'hui OGBL, et a toujours été actif au sein du syndicat. Au fil des années, il a occupé de nombreuses fonctions dans différentes sections, que ce soit à Bettembourg, Rumelange ou plus tard pour la vallée de Kayl. Il a également siégé longtemps au comité national de l'OGBL.

Une autre grande passion de Jeannot était la musique. Il a été actif pendant plus de 60 ans au sein de la HMR. C'est d'ailleurs grâce à la musique qu'il a rencontré son épouse, Liette, avec qui il s'est marié en 1986 à Bettembourg avant de revenir vivre à Rumelange en 1996. Les vacances sur la Côte belge, en Italie ou en Forêt-Noire avec des amis ou le foyer faisaient souvent partie de ses plans. La Forêt-Noire et l'hôtel « Röβle » étaient sa « deuxième maison », disait-il. C'est d'ailleurs là-bas que Jeannot nous a quittés de manière inattendue, le 27 décembre 2024, à l'âge de 71 ans.

Par ce message, la ville de Rumelange souhaite honorer la mémoire de Jeannot Kayl.